

	57^e séance	Présidence M. Jean Spautz , Président M. Niki Bettendorf , Vice-Président M. Willy Bourg , Vice-Président
	Mercredi 13 juin 2001	

Ordre du jour

1. Dépôt d'un projet de loi
2. Dépôt d'une proposition de loi
3. Interpellation de M. Robert Mehlen au sujet de l'application actuelle de la loi sur le remembrement des biens ruraux ainsi que sur les intentions futures du Gouvernement en cette matière (*Discussion générale - Motion*)
 Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Fernand Boden et Henri Grethen, Ministres.
 (Début de la séance publique à 14.30 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Jo, Här President.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Minister Henri Grethen.

1. Dépôt d'un projet de loi

M. Henri Grethen, Ministre de l'Economie.- Här President, duerch Arrêté grand-ducal vum 4. Juni sinn ech autoriséiert, fir am Numm vum Grand-Duc e Projet de loi ze déposéieren, deen d'Gesetz vum 2. September 1993 ofännert:

- *Projet de loi 4807 portant modification de la loi du 2 septembre 1993 créant les conditions requises pour l'application*

1. *de la loi modifiée du 17 juin 1970 concernant les pratiques commerciales restrictives*

2. *du règlement grand-ducal n° 17 du Conseil de la Communauté européenne du 6 février 1962, pris en exécution des articles 85 et 86 du Traité de Rome*

3. *du règlement (CEE) n° 4064/89 du 21 décembre 1989 relatif au contrôle des opérations de concentration entre entreprises.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Wirtschaftsminister Henri Grethen. Dee Projet de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

D'Wuert huet den Här Zanussi fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

2. Dépôt d'une proposition de loi

M. Marc Zanussi (LSAP).- Här President, ech wollt den Dépôt maache vun der

- *Proposition de loi 4808 sur le vote par Internet.*

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun enger Proposition de loi duerch den Här Marc Zanussi. Déi Proposition de loi gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

Mir kommen zur Interpellatioun vum Här Robert Mehlen iwwert de Remembrement. Et hu sech bis elo ageschriwwen: d'Häre Clement, Belling, Gira, Bisdorff an d'Mme Nagel. D'Wuert huet den Interpellateur, den Här Robert Mehlen.

**3. Interpellation de M. Robert Mehlen
 au sujet de l'application actuelle
 de la loi sur le remembrement
 des biens ruraux ainsi que sur les
 intentions futures du Gouvernement
 en cette matière**

M. Robert Mehlen (ADR), interpellateur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi de 5. Mee 1964 d'Chamber an hirer leschter Sëtzung virun de Walen d'Gesetz iwwert de Remembrement des biens ruraux gestëmmt huet, du war dat den Ofschloss vun Diskussiounen a politeschen Auseinandersetzungen, déi sech iwwer laang Joren, fir net ze soe Jorzéngten higezunn hunn. Ee vun den Orateuren, den Här Wirtgen, huet souguer vu 77 Joer „Schwanken a Versuchen“ geschwat, bis endlech dat Gesetz Wierklechkeet ginn ass.

Kee Wonner, well et war dach en déifgräifenden Agrëff an d'Fräiheet an an d'Eegebestëmmungsrecht vun dem Eenzelnen als Propriétaire vu Lännereien. Eis Landwirtschaft huet deemols nach eng bedeitend Roll